



Association des chargés de l'enseignement national a.s.b.l.

Pressecommuniqué

D'ACEN ënnerstëtzt och weiderhin d'Decisiounen vum Educationnsminister Claude Meisch, och wa mir eis Bedenke geäussert hunn, dass dës Reouverture villäicht e puer Wochen ze fréi kënnt. Eng Exit-Strategie an och de Management vun dëser Nationaler Kris sinn awer e Kraaft- a Balanceakt.

Eng Reouverture vun de Schoulen ass egal wéi eng usprochsvoll Aufgab, an d'ACEN vertraut dorobber, dass all Mesurë geholl gi fir d'Ustiechungsgeforen esou niddereg ewéi iergendwéi méiglech ze halen. Fir all bedeelegt Schoulpartner wäert dës Reouverture awer mat vill Aarbecht a Flexibilitéit musse verbonne sinn.

Et wier an eisen An villäicht méi sënnavoll gewiescht d'Coursë bis Péngschten digital oflafen ze loossen. Iwwert déi divers digital Weeër ass et duerchaus méiglech grad bei méi grouse Schüler och mam Programm weiderzefueren. Den IFEN huet mat vill Engagement hei Formatiounen ugebueden, a vill Kollegen hunn dës Plattformen benotzt an a Videokonferenzen Schoul gehalen.

Virun allem wann dës Enseignéieren op Distanz en Erfolleg war, mussen dës Mesuren a gewësse Fäll verlängert gi fir wierklech all Risk aus de Féiss ze goen.

D'Horieren an d'Stonnepläng musse wuel ugepasst ginn. Et musse Léisunge fonnt ginn wéi vulnerabel Enseignanten hir Coursen hale kënnen, a vulnerabel Schüler mussen op digitalem Wee bei de Coursen assistéiere kënnen. Déi selwecht Léisunge musse gëllen, wa Schüler an Enseignante mat anere vulnerabele Leit zesumme wunnen.

De villäicht gréisste Problem ass de psychologeschen Drock vun dëser Ouverture fir Schüler an och Enseignanten. Besonnesch eeler Kollege ginn eventuell mat Bauchwéi an d'Klassen, an och vill Schüler äusseren elo schonn hir Suergen sech unzestiechen. Dat suergt leider fir e Klima vun Angscht.

D'ACEN ass no laange Gespréicher mam Minister Claude Meisch awer sécher, dass all méiglech Mesure geholl ginn dës Angscht séier anzedämmen, och wann weiderhin nach vill Detailer ze kläre bleiwen.

Lëtzebuerg huet bekanntlech elo schonn e Manque un Enseignanten, a vill vun eise Memberen hunn héich Zuelen un Iwwerstonnen. Dës Belaaschtung kann net nach eropgesat ginn!



An der aktueller Situatioun räche sech och déi zum Deel grouss Klassekontingenter grad am Enseignement Secondaire Classique. Souguer bei just der Hallschecht vun de Schüler sinn dann zum Deel 14 oder souguer 15 Schüler present, wat a munche Klassen all nach duerchaus enk mat den 2 Meter Ofstand kéint ginn. Och dat wäert eng Erausforderung an der Organisatioun ginn.

De Risk fir eis Memberen ass zudeem statistesch gesi méi héich, da d'Chargéen opgrond vu feelende Koeffizienten an Altersdechargé bis zu 1/3 méi Coursen halen, an deementspriedend bei Niewefächer och bis zu 4 oder 5 Klasse méi enseignéieren. D'Sozialinteraktioun ass also vill méi héich an domadder logescherweis och de Risk!

Och an de Museksschoulen a Conservatoirë mussen besonnesch Mesure getraff ginn. Coursé mussen a gutt duerchlëfte Raim stattfannen, d'Instrumenter mussen no all Cours strikt desinfizéiert ginn. Allgemeng sinn d'Musekcoursé mat vill Kontakt verbonnen, mee besonnesch awer bei de Bloinstrumenter ass de Risk immens héich.

Der ACEN ass et besonnesch wichteg, dass vulnerabel Enseignanten a Schüler strikt geschützt ginn. D'Enseignante sollen sech op kee Fall aus moralesche Grënn dem Risk trotz Vulnerabilitéit aussetzen, well si net verantworten wëllen hir Schüler eleng ze loossen! Si sollen dann d'Méiglechkeet hunn hir Coursé weider digital halen ze kënnen.

De Programm vun de Premières ass ugepasst ginn, an awer sollen si elo ab dem 4. Mee an d'Schoulen. D'ACEN geet dovunner aus, dass d'Premieren awer net sënnslos a Fächer versammelt ginn, an deenen si guer net an den Examen ginn, an dass och an der Woch vum 11. Mee esou wéineg Prüfungen geschriwwen ginn ewéi méiglech. D'Prüfungen vun de Premières sollten zudeem strikt ausserhalb vum Horaire vun deenen anere Klasse geschriwwen ginn, esou dass si guer kee Kontakt zu anere Schüler kënnen hunn.

D'Zirkulatioun vun de Premièreskopieën wäert dës Joer anescht organiséiert ginn. Och wann d'Ustiechungsgefor iwwer Surfacen als niddereg ageschat gëtt, vertraut d'ACEN dorobber, dass d'Kopieën sécher a virefräi bei den Enseignanten ukommen sollen.

Et bleiwen natierlech vill Froen op an d'ACEN hofft, dass hei strikt op d'Gesondheet vu Schüler an dem ganze Schoulpersonal opgepasst gëtt.

Courage a passt gutt op Iech op!

#Zesummendoheem2020

de Comité vun der ACEN